Den 23. Mäerz waren en Deel vun eise 4e Schüler beim RTL op d'Besuch.

Mir kruten d'Gebai gewisen, hu lauter Studioe gesinn a kruten Tonnen informatesch Erklärungen doriwwer. Beispillsweis si mir gewuer ginn datt Miwwelen a verschidde Studioe stänneg geännert musse ginn, anerer awer ëmmer stoebleiwen, ofhängeg dovunner, wat fir a Programm gedréint muss ginn an datt an engem Studio iwwer 100 Luuchten ënnert dem Plafond hänken.

Mir wësse lo och datt all Presentateur seng eegenen Text schreift deen hien da virdréit mathëllef vum Prompter an datt villes méi dohannert stécht, als einfach nëmmen d'Kameramann an de Presentateur. Dofir ware mir och an der Regie.

Um éischte Stack hate mir d'Geleeënheet, live eng Radiosemissioun matzeerliewen a missten do natierlech roueg sinn. Et ass faszinant, eng Persoun ze gesinn an d'Stëmm ze héieren, di een aus dem Radio kennt.

Dann ware mir beim Eldoradio a kruten den Ënnerscheed vu Rtl an Eldo erkläert.



Den Eldo léisst nëmme Musik aus dem 21.

Joerhonnert lafe wärend de Rtl souwuel nei wéi och al Musek lafe léisst. Et war onerwaart ze héieren, datt den Eldoradio nëmmen aus Freelancer a 14 fest agestallt Leit besteet.
Dann war den Dag och schonn eriwwer.

Karine